

# Save the date

## **Journée nationale des services de secours** den 30.09.2018 zu Réiser

Sonndes, den 30. September ass déi éischt "Journée nationale des services de secours". Deen Dag wäerten all d'Acteure vum CGDIS sech der Éffentlechkeet virstellen.

Dësen Event, deen am Moment vum CIS Réiserbann, der Verwaltung vum de Rettungsdéngschter, der Pompjееfederatioun an de Lëtzebuerger Jugendpompjее virbereet gëtt, wäert den éischte groussen Optrëtt vum Corps grand-ducal d'incendie et de secours sinn.

Fir Froen oder Ureegung kënnt Dir lech gär ënner [communication@secours.etat.lu](mailto:communication@secours.etat.lu) mellen.

## **Symposium de la Formation** 24-25.03.2018

De Weekend vum 24./25. März, fënnt am ECCL um Kierchbierg e Symposium, dee vum Département de la Formation vum der ASS organiséiert gëtt, statt. Programm a praktesch Informatiounen wäerten Ufank März via Mail un all CISE verschéckt ginn.



## **Colloque des Cadres** 05.05.2018

Am Kader vum der Reform gi reegelméisseg Colloquë fir d'Kaderen aus dem Rettungsdéngscht organiséiert. Den nächste gëtt samschdes, de 5. Mee 2018 moies am ECCL um Kierchbierg organiséiert.

## **Parade fir Nationalfeierdag** 23.06.2018

De leschte groussen Optrëtt vum de Rettungsdéngschter ënner hirer aktueller Form wäert d'Parad fir Nationalfeierdag 2018 sinn. Wéi déi Jore virdrun, wäerte mir mat engem "Détachement motorisé" an engem "Détachement à pied" deelhuele. Jiddereen deen Interessi huet do matzemaachen, ka sech elo schonn ënner [volontariat@secours.etat.lu](mailto:volontariat@secours.etat.lu) mellen.



Weider interessant Informatiounen iwver d'Rettungsdéngschter hei zu Lëtzebuerg fannt Dir ënner anerem och ënner



@servicesdesecours



@cgdislux



@CGDISlux

[www.112.lu](http://www.112.lu)



Tom Barnig (27 Joer) – Nom Lycée huet hien zu Hamburg Rettungsingenieurwiese studéiert, an du nom Ofschloss 2014 bei de Beruffspompjéeën an der Stad als Offizier ugefangen, wou hien no der Ausbildung bei de Beruffspompjéeën zu Essen, virun allem am Beräich vun der Präventioun an der Formatioun geschaff huet. Niewebäi huet hien e Master am Beräich Geoinformatiounswiesen zu Salzburg gemach an ass aktuell mat engem zweete Masterstudium am Beräich Katastrophenmanagement zu Bonn amgangen. Fräiwëlleg war hien zu Hamburg beim ASB, zu Hesper an de Pompjéeën an zu Beetebuerg am Zenter aktiv. Zënter dem 15. Januar huet den Tom Barnig de Poste vum Responsable vum DCO vu sengem Virgänger dem Erny Kirsch iwwerholl.

## Département de la Coordination Opérationnelle

**D**'Département vun der Coordination Opérationnelle (DCO) vun der Verwaltung vun de Rettungsdéngschter ass zoustänneg fir d'Gestioun vum opérationnelle Volet vum gesamte Rettungswiesen um nationale Niveau. Dozou gehéiert ënner anerem d'Sécherstellen vun der beschtméiglecher Asazbereedung vun de verschiddeenen CIS a Spezialgruppen, an awer natierlech och d'Ennerstëtzung an d'Koordinatioun am Asazfall.

Fir dës Aufgab schafft d'DCO enk mat deenen aneren Départementer vun der ASS zesammen, well eis Équippen um Terrain nëmmen opgrond vun enger gudder technescher, logistescher an och administrativer Virbereedung am Hannergrond kënnen optimal op den Eeschtfall virbereed ginn.

Zum DCO gehéiert ënner anerem d'Centrale des Secours d'Urgence (CSU 112) mam néi agefouerten Centre de Gestion des Opérations (CGO) ënner der Leedung vum Christopher Schuh a Jérôme Gloden.

Zum DCO gehéiert awer och de Service du Volontariat mam Jean-Jacques Schroeder, deen dofir zoustänneg ass, sech fir d'Interesse vun de Fräiwellegen - grad während dem Iwwergang an de CGDIS, mä natierlech och nach dono - anzesetzen. Dëst beweist déi grouss Wichtigkeet vun der Arbecht vun deene Fräiwellegen an eise Réihen.

Mä och den Encadrement vun eisen haaptberuffleche Kollegen dierf net vergiess ginn, well mam Iwwergang an de CGDIS och op si grouss Ännerungen zoukomme wäerten. Am DCO këmmere séch ab Februar den Tom Schmitz an Hjalmar Kielgast ëmt hier Koordinatioun, fir datt si ënner gudden Konditiounen hier fräiwëlleg Kollege bei hierer Arbecht ënnerstetzen kënnen.

Mam Yves Damy, Steve Meyer, Sven Viktor a Paul Wirtz schaffe véier wéider engagéiert Matarbechter am DCO. Si ënnerstëtzen ënner anerem beim Opstelle vun de verschiddeenen opérationnelle Konzepter, dem Schrëwen vum Plan National D'Organisation des Secours (PNOS) an der Organisatioun vum Iwwergang vum opérationnelle Volet an de CGDIS.

Tom Barnig  
Responsable du Département de la  
Coordination Opérationnelle

# CGO – Centre de Gestion des Opérations (Lagemeldezentrum)



## Konzept a Missiounen

Am Kader vun der Reform vun de Rettungsdéngschter a besonnesch wéinst der Ëmsetzung vun der Chaîne de commandement, funktionéiert säit dem 15. Januar 2018 de Centre de gestion des opérations, kuerz CGO genannt, a Form vun engem Pilotprojet.

D'Haaptzil ass, fir bei gréisseren Asätz an Übungen Erfarungen ze sammelen an ze testen, virun der offizieller Aféierung vun der Chaîne de commandement, a fir kënnen op Basis vun de gesammelten Erfarungen déi zukünfteg Infrastrukturen um CNIS optimal ze plangen.

De CGO ass déi zentral Struktur fir d'Coördinatioun vun den Operatiounen um Terrain. D'Missioun ass fir dem Direkter vun der ASS, a spéiderhin dem Generaldirekter vum CGDIS, d'Méiglechkeet ze ginn, zu all Moment kënnen déi néideg Informatiounen ze liwwere fir eng global a permanent Vue iwwer déi operationell Situatioun ze hunn.

Weiderhi soll ee permanenten Iwwerbléck iwwer all operationell Moyene a Ressourcë garantéiert an eng Coördinatioun assuréiert sinn an deene jeeweilegen Autoritéiten déi néideg Informatiounen liwweren. Iwwerwaachen op all operationell Prozeduren agehale goufen. Mat deenen aneren Acteuren, wéi z.B. der Police, den Asaz ze koordinéieren. Eng ganz wichteg Aufgab ass och dofir ze suergen, datt am Kader vun engem gréisseren Asätz, och weider genuch Kräften zur Verfügung sti fir déi aner ufalend Asätz ze iwwerhuelen an der Asazleedung organisatoresch a logistesche Ënnerstëtzung ze bidden.

De CGO gouf eng éischte Kéier an der Posture APPUI (cf. méi wäit ënnen) de 26. Januar bei engem Groussbrand an engem 5-stäckegen Appartementshaus op der Gare an der Stad aktivéiert.

Hei huet de CGO beim Relogement vun den evakuéierten Awunner an eng Sportshal, Decken, a Ravitaillement fir eng 70 Awunner a 70 Asazkräften organiséiert; déi operationell Couverture um Gebitt vun der Stad a ronderëm, duerch d'Casernement vun 2 HLFen an Ambulanz sécher gestallt; den Direkter reegelméisseg informéiert an eng offiziell Kommunikatioun fir d'Press verfaasst.

## Infrastruktur a Fonctionnement

D'Raimlechkeete vum CGO sinn um 2. Stack vum Gebai an der Rue Stümper, direkt nieft der Nouruffzentral CSU 112, ënnerbruecht.

De CGO ass de Pendant zu der Kommandostruktur um Terrain. Dat heescht, datt de CGO modulaire kann opgestockt ginn, sou wéi dat parallel um Terrain geschitt.

Et ginn dräi ënnerschiddlech Niveauen:

**Suivi** : Dat gëllt fir all Asaz bis den Niveau Peloton. Hei gëtt deen operationelle Suivi vum Chef de salle an den Operateure vum CSU 112 assuréiert.


**Appui** : Et ass ëmmer ee Responsabele vun der ASS deen d'Garde fir d'Coördinatioun assuréiert. Dëse Responsabelen decidéiert och ob de CGO aktivéiert gëtt. Asätz wou dat de Fall ka sinn, sinn z.B.

gréisser Evenementer, méi Asätz gläichzäiteg (Onwiederlag), een Asaz um Compagnie- oder Bataillounsniveau, wann d'Salle de débordement aktivéiert gëtt....

**Crise** : Dëst ass am Fall wou een nationalen Interventionsplang ausgeléist gouf an ee kann dovunner ausgoen dat d'Rettungsdéngschter och operativ an den Asaz komme wäerten.



Am Moment gëtt de CGO iwwer eng Permanence vu Minimum 3 Leit (1 Coordinateur an 2 Assistenten) vun der ASS, de Beruffspompjeeën an duerch de Groupe d'alerte (CNA) assuréiert, déi ëmmer eng Woch Déngscht hunn.



De CGO verfüegt am Moment iwwer 3 Raim :

- De CGO 1 deen equipéiert ass fir den Niveau Suivi, Appui a Crise, bitt Plaz fir 15 Persounen an huet dedizéiert Plaze fir Liaisonsoffizéier.
- De CGO 2 deen ausgeluecht ass fir den Niveau Suivi, wann 2 Situatiounen gläichzäiteg ze traitéieren wieren.
- Den SCO: Salle cellule opérationnelle déi ausgeluecht ass fir d'Hotline vum GSP, resp. d'Arbechte vum CNA, a wou och Representante vun der Regierung oder Press kënnen empfangen ginn.

## Départ en retraite de M. Fritz Ferring, Opérateur du CSU 112



De 5. Februar huet dem Fritz Ferring seng läscht Schicht als Disponent op der Noutruuffzentral 112 ugefaangen. Ier hien a seng wuelverdénge Pensioungangen ass waren hunn mir him nach ee puer Froe gestalt.

### **Wéi laang huet Dir an der Telefonszentral vum 112 geschafft?**

Nom drëtten Ulaf hunn ech den 1. September 1989, déi Zäit nach 012, an der 36, rue J-B Esch um Belair ugefaange mat schaffen. No ronn 29 Joer, hunn ech den 5. Februar meng läscht Schicht geschafft a ginn no mengem Congé den 1. August a Prepensioun.

### **Wéi eng Ännerung ass fir lech di Markantst gewiescht?**

Am Joer 1992 si mir vum Belair op d'Cloche d'Or geplënnert wou mir nach haut sinn. Ugangs 2000 hu mir de Gestionnaire d'Alertes a Betrib geholl. Dat war schon net schlecht fir déi Zäit. Virun 2 Joer ass dann den neien ELS (Einsatzleitsystem) komm. Do muss ech zouginn dat et eng kleng Revolutioun war.

### **Wat fir Asätz hunn lech spezifesch markéiert?**

Zuchaccidenter, Fligeraccident an d'Geiselnam an der Crèche zu Waasserbëlleg sinn am Fong di markantst Asätz.

### **Wat wäert Dir am meeschten an Erënnerung behalen?**

Ech si frou di Aarbecht hei, fir de Leit an Nout ze hëllefen, hunn dierften ze maachen. Sinn awer och frou dass et elo eriwwer ass.

### **Wat géifs du zukünfteg Operateure mat op de Wee ginn?**

De Kolleginnen a Kollege wënschen ech all Guddes am neie CGDIS, a wënschen hinnen dat se ëmmer di richteg Entscheidung treffen, bei der net ëmmer einfacher Aarbecht.

### **Soss nach eppes?**

Merci de Cheffe fir hir Ennerstëtzung wann et néideg war. Lo hätt ech gär meng Rou. Këmmere mech ëm meng Famill an den Mupp

# 50 Berufspompjeeën an Ausbildung



**M**ëtt Dezember vum leschte Joer huet d'Administration des services de secours 50 zukünfteg Berufspompjeeën age stellt. Do et déi éischte Kéier ass dat esouvill Leit gläichzä iteg bei der ASS age stellt goufen, gouf des Grupp un Leit an 2 méi kleng Gruppen opgedeelt. Eng Grupp huet mat der Ausbildung vum Beräich Incendie/Sauvetage ugefaangen, déi aner Grupp huet mam Volet Ambulanz a Persounerettung ugefaangen. Mëtt des Jores wäerten déi zwou Gruppen tauschen. Fir d'Leit en klengen Abléck an des méijährch Ausbildung ze ginn, wäerten a reegelméisseg Ofstänn Updates verëffentlechen ginn a soumat eng vun den zwou Gruppen an hirer Ausbildung begleeden.



Déi éischt Wochen, wou d'Grupp nach zesumme war, gouf den neie Stagiaire Basis vum Rettungsdéngscht bäibruecht. Dozou huet en 1. Hëllefscour, souwéi och eng Aféierung an de Volet vun der Brandbekämpfung an der technescher Hëllefsléschung gehéiert. Ufank Januar gouf Grupp dunn opgedeelt, déi eng si bei Berufspompjeeën an d'Staat Lëtzebuerg gaange fir do Ausbildung vum Incendie/Sauvetage unzufänken, während déi zweet Grupp zu Jonglënster de Volet vun der Ambulanz bäibruecht kritt.



Ab dësem Zäitpunkt fänkt den Dag all Moie mat engem Appell um punkt 7:50 Auer un. Während dësem Appell gi wichteg Informatiounen iwwert den Daach bekannt ginn. Zousätzlech ass et all Dag un engem anere Stagiaire fir Wierder an Noriichten souwéi am beschten och en Witz virzedroen. Um 8 Auer fänkt dann den eigentleche Cours un.

Den Ambulanzvolet (oder och nach "wäiss Säit" genannt") huet mat 2 Wochen bal nëmmen Theorie ugefaangen. De Sënn dovun ass et de Stagiairen mol fir d'Éischt Anatomie vum mënschleche Kierper souwéi och eng ganz Rei un Krankheetsbiller berengegen. Si missten léieren des ze erkennen a mat hire Mëttelen sou gutt et geet ze behandelen. Nodeems des ganz Léiermaterial an engem Test ofgefrot gouf, konnten Si direkt um Ufank vun dëser Woch mat den éischte Fallbeispiller ufänken. An dëse Fallbeispiller gëtt ee Krankheetsbild méiglechst reell (wann néideg och mat Schminken) nogestallt an d'Stagiairen mussen des "Patienten" dann och wei en reellen Patient behandelen an hinnen an hirer mësslecher Situatioun hëllef. En ganz wichtegen Deel vun der Aarbecht vun engem Rettungsdéngschtler ass Reanimatioun. Dësen Oflaf muss bei den zukünftige Berufspompjeeën perfekt setzen well an dëser Situatioun keng Platz fir Feeler ass. Soumat goufen och méi Deeg nëmmen domat verbruecht dem Grupp Reanimatioun bäizebréngen.



Niewent dem Cour ass awer och Sport en wichtig Thema am Rettungsdéngscht. Soumat hunn Stagiairen pro Woch 10 Stonnen Sport um Programm. Dëst geet vu Schwammen a Lafen bis zu Fitness an och Teamsport.

Während der ganzer Ausbildung ginn verschidden Kompetenzen vun den Stagiairen bewäert. Eng ganz wichtig dovunner ass den Teamgeescht, dobäi gëtt gekuckt op déi eenzel Leit an der Laach sinn zesummen an enger Equipe ze schaffen an och zesummenhalen kennen. Vun do hier gëllt de Prinzip: " Een fir se all, an alle fir een !".

Pol Goeler